N°8220
Entrée le 08.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.08.2023

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 8. August 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden:

*„De Präsident vum däitsche Beruffsverband vun de Kanner- a Jugenddokteren, den Thomas Fischbach huet an engem Artikel op en Neits drop higewisen, dass d'Medikamenter fir Kanner den nächste Wanter an Däitschland knapp kéinte ginn. Esouguer haut scho kéinten d'Leitlinnen net ëmmer agehale ginn, op ville Plaze géif et u Medikamenter fir Kanner feelen, besonnesch Penicillin a Medikamenter géint Féiwer a Péng.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Gesondheetsministesch folgend Froe stellen:*

- *Wéi gesäit d'Situatioun zu Lëtzebuerg aus? Ginn et Medikamenter fir Kanner, déi den Doktere haut scho feelen? Wa jo, wéi eng wieren dat?*

- *Wéi héich schätzt d'Madamm Ministesch de Risiko an, dass et dësen Hierscht a Wanter zu gréissere Versuergungsenkpäss bei de Medikamenter fir Kanner kënnt?*

- *Wéi eng Mesurë si virgesi fir z'evitéieren, dass et dëse Wanter zu engem Manktem u Kannermedikamenter kënnt?*

- *Wéi eng Mesurë si virgesinn, falls dësen Szenario trotzdeem sollt antrieden?"*

Mat déiwem Respekt,

Claude LAMBERTY
Deputéierten

Carole HARTMANN
Deputéiert